



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Alf Christian, 09:31, 18/03/2021

Luxembourg, le **18 MARS 2021**

Objet : Question parlementaire n° 3750 du 2 mars 2021 de Messieurs les Députés Sven Clement et Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri Kox

Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Henri Kox à la question parlementaire n° 3750 du 2 mars 2021 des honorables Députés Sven Clement et Marc Goergen

D'Uniformen vun der Police si kloer virgeschriwwen. Dat ass wichteg fir dass de Polizist vum Bierger och direkt an eendeiteg erkannt gëtt. Doriwwer eraus, muss all Polizist an der Ausübung vun sengem Déngscht, politesch, reliéis a philosophesch neutral si fir all Bierger kënnen onbefangen ze hëllefen. Aus deene Grënn ass et de Polizisten net erlaabt d'Uniform eegestänneg ze modifizéieren.

Ad Froen 1, 2 an 3

D'Police féiert keng Statistiken heiriwwer.

Et ass och keen ofgeschlossene Fall bekannt wou e Polizist e Symbol oder en Zeechen op der Uniform befestegt hat, wat eng Verbindung zu der rietsextremer Zeechen oder zu enger aner extremistescher Gruppéierung géif weisen. Allerdéngs ass, sou wéi d'Prozedur ënnert ad 5 beschriwwen ass, an engem ganz rezente Fall eng disziplinaresch Prozedur vun der Generaldirektioun vun der Police opgemaach ginn.

Ad Fro 4

Wa festgestallt gëtt dass e Polizist e Symbol oder en Zeechen dréit, dat net zur Uniform gehéiert, da soll en vun de Mataarbechter an Cheffen drop opmierksam gemaach ginn dass dat soll erofgeholl ginn. Wann de Polizist dat net mécht, da kann eng disziplinaresch Prozedur an d'Weeër geleet ginn.

Ad Fro 5

Am Fall wou et sech bei sou engem Zeechen oder Symbol ëm eent handelt wat a Verbindung mat rietsextremen Ideologien oder mat gewaltbereete Gruppe steet, gëtt d'office d'IGP (Generalinspektioun vun der Police) vun der Generaldirektioun vun der Police op Basis vum Artikel 24 vun dem Disziplinargesetz¹saiséiert an mat enger „instruction disciplinaire“ befaast. Jee nodeems ëm wat et sech handelt, kann et och zu stroofrechtliche Suite kommen.

Ad Fro 6

Den Artikel 58 vum modifizéierte Gesetz vum 18. Juli iwwert d'Police grand-ducale geseit eng « enquête de moralité » vir, déi virun all *admission au stage* duerchgefouert gëtt. Des Ennersichung soll et erlaben ze gesinn op en Kandidat déi néideg moralesch Qualitéiten matsech brengt fir den Polizeiberuff kennen auszeüben.

Zousätzlech ass iwwert Règlement grand-ducal virgesinn dass an der *épreuve spéciale* vum *examen concours pour l'admission au stage* an deene verschiddene Kategorien a Traitementsgruppen ennert anerem psychologesch a psychotechnesch Tester souwéi och en Entretien duerchgefouert ginn. E Kandidat kann doduerch eliminéiert ginn.

¹ Loi du 18 juillet 2018 relative au statut disciplinaire du personnel du cadre policier de la Police grand-ducale.